

# 51 715 Kilometer bei 3 273 Participatiounen

## D'Wanderfrënn Bettenduerf zéien e stolze Bilan

Vill Memberen hate sech viru kuerzem zu Bettenduerf an der neier Schoul afonnt fir d'Generalversammlung vun de Wanderfrënn „La Sûre“ Bettenduerf. De Präsident Jos Groeff war frou, niewt dem Buurgermeeschter Albert Back och d'Marie-Josée Schroeder an d'Laure Simon-Becker vum Schäffen- a Gemengerot kënnen ze begreissen.

A sengem Aktivitéitsbericht huet de Sekretär Georges Kintziger kënnen op eng ganz gudd Saison zréckkucken. Net manner wéi 51 715 Kilometer sinn d'Wanderfrënn vu Bettenduerf am leschte Joer getrëppelt, dëst bei 3 273 Participatiounen. Den äifrigste Marcheur war och dëst Joer erëm den Alphonse Lieners mat 6 362 Kilometer virum Laurie Hoffmann mat 6 006 an dem Marc Stelmes mat 2 916 Kilometer.

Ronn d'Halschent vun dese Kilometeren sinn zu Lëtzebuerg getrëppelt ginn, déi aner Halschent an der Belscht, an Däitschland, a Frankräich, an Holland, an Éisträich an och an der Schwäiz. Zweek Membere vum Veräin hate sech un der IVV-Olympiade an Estland bedeelegt, a vill Wanderer hu verschidde Wanderwochen am Ausland verbruecht.

D'Organisatioun vun zwee Märsch am Abrëll zu Gilsdref an am November zu Bettenduerf huet zesummen 2 167 Leit an d'Gemeng Bettenduerf bruecht. De Sekretär huet besonnesch déi gudd Ambiance tëscht de Memberen ernimmt, déi et erlaabt, sou grouss Manifestatiounen ouni Schwieregkeeten ze organiséieren. Niewt den IVV-Wanderungen organiséieren d'Wanderfrënn all Joer d'„Coupe scolaire“ an de Schoulwonderdag fir d'Kanner aus der Gemeng grad esou wéi eng Grillparty fir all d'Memberen mat hire Familljen. De Keessbericht vum Georges Kintziger konnt dëst Joer

erëm e positive Bilan opweisen, an op Propose vun de Keesskontrolleren Raymond Schon an Ed Weber huet hien d'Décharge kritt. Dës sinn an hirer Funktioun bestätegt ginn, grad esou wéi déi ausriedend Membere vum Comité. Nei an de Komitee sinn d'Margot an den Nico Reitz gewielt ginn.

### Memberen, déi mindestens 500 Kilometer gewandert sinn

Zum Ofschloss sinn all déi Membere geéiert ginn, déi sech am leschte Joer u mindestens 50 Wanderunge bedeelegt hunn resp. déi mindestens 500 Kilometer gewandert sinn.

Et waren dëst: Alphonse Lieners (6 362 km/294 Wanderungen), Laurie Hoffmann (6 006/273), Marc Stelmes (2 916/168), Nico Reitz (2 017/62), André a Marie-Andrée Wagner (2 003/96), Margot Reitz (1 992/61), Anita Heinen (1 538/71), Roland Stelmes (1 221/69), Finy Clees (1 219/72), Jules Pignolet (1 205/103), Jos Groeff (1 096/72), Raymond Schon (1 080/76), Léon a Nicole Decker (965/75), Théo Bernard (928/60), Johny Reichling (910/65), Marie-Jeanne Groeff (909/62), Emile Barthelemy (869/63), Marcel Zimmer (813/53), Annette an Arsène Kies (692/60), Betty Gitzinger (653/48), Josette Schon (611/59), Caroline an Henri Niessen (585/31), Nic Federspil (582/48), Fernand Heinen (581/31), Jeanne Hubin (574/50), Laure Weyland (554/46), Margot Pignolet (516/103) an Fred Thies (499/57).

De Komitee setzt sech den Ament folgendermoossen zesummen: Präsident Jos Groeff, Vizepräsident Alphonse Lieners, Sekretär a Keessier Georges Kintziger an d'Memberen Ingrid Cossmann, Laurie Hoffmann, Margot an Nico Reitz, Roland Stelmes, Fred Thies a Marc Winandy. (C.)